

och dem Rapporteur fir dëse Rapport. Zil vun der Politik muss et sinn, déi néideg Rahmebedingungen ze schafen, fir dass Kanner a Jugendlecher zu selbstännegen a verantwortungsvolle Bierger eruwuesse kënnen. Eng Bildungspolitik, wou d’Kand am Mëttelpunkt steet, wou jiddwer Kand no sengen eegene Fäegkeete sech entwéckelen an entfale kann, eng sozial Familljepolitik, déi flächendeckend a gutt sozioéducativ Betreuungsstrukturen ubitt, sinn nëmmen e puer Elementer, déi an dësem Kontext eng wichteg Roll spillen an déi de Stat muss fördern.

Nieft bildungs- a sozialpoliteschen Impulser muss de Stat awer virun allem garantéieren, dass Mannerjähreger, falls se mat der Justiz a Kontakt kommen, hir Rechter och wirklech kënnen an Usproch huelen. International Konventionen an national Gesetzestexter, déi d’Rechter vun de Mannerjährege schützen a stäerken, mussen respektéiert ginn. Kannerrechter dierfen net nëmmen um Pabeier stoen, mä si mussen an der Praxis och garantéiert sinn. Dat ass leider Gottes net ëmmer de Fall.

Den Ombudskomité fir d’Rechter vum Kand - ORK -, dee säit 2002 besteet, mécht eng ganz gutt Aarbecht a setzt sech onermiddlech fir d’Rechter vun de Kanner an. Den ORK huet sech och am Kader vun dësem Projet de loi méi wéi eng Kéier zu Wuert gemellt. Säit Jore mécht en dorop opmierksam, dass mir hei zu Lëtzebuerg kee sougenannte Kanneraffekot hunn. Den ORK weist zu Recht dorop hin, dass d’Neutralitéit an d’Onofhängegkeet vum Affekot net d’office garantéiert sinn am Fall, wou d’Elteren d’Affekotskäschten iwwerhuelen.

Wann d’Kanner oder Jugendlecher mam Gesetz a Kontakt kommen an enger Affär, wou se direkt implizéiert sinn, do mussen se d’Recht op en Affekot hunn, onofhängeg vun de finanzielle Ressourcë vun den Elteren. Dat ass ee ganz wichtige Prinzip, deem duerch dëse Gesetzesprojet an eiser Législatioun verankert gëtt. De Stat iwwerhëlt an enger éischter Phas d’Affekotekäschten, behält sech awer d’Recht vir, déi ugefale Käschte vun den Elteren zréckzefroen, falls d’finanziell Situatioun et erlaabt.

Mir hunn an der Commission juridique déciidéiert, dass d’Eltere solidaresch fir d’Restitutioun vun den Affekotekäschte mussen riichtstoen.

Duerch dëse Projet de loi ginn d’Rechter vun de Kanner also weider gestärkt an ausgebaut. Sou mussen zum Beispill och d’Riichter an e Kand unhéieren, wann dat dem Wëlle vum Mineur entsprécht an hien dat och explizit beim Riichter ufreet. De Riichter ka sech net méi doriwwer ewechsetzen, wéi dat bis elo de Fall war.

Domadder komme mer och enger Opfuerderung vum Comité des droits de l’enfant vun der UNO no, déi Lëtzebuerg encouragéiert, weider Efforten ze maachen, wat d’Matbestëmmungsrecht vun de Kanner ugeet esou, wéi et am Artikel 12 vun der UNO-Kannerrechtskonvention steet.

Ech wollt op ee spezifesch Punkt kuerz agoen, dee fir méi Diskussioun gesuergt huet, an zwar d’Fro, a wat fir enge Fäll de Rechtsbäistand fir Mannerjähreger dann elo garantéiert ass, a wéini net.

De Statsrot an den ORK hunn an dësem Kontext eng ganz kloer Positioun geholl. Béid fuerderen, dass de Rechtsbäistand sech net nëmmen op Gerichtsverfahre bezitt, wou d’Kand direkt involvéiert ass. Si fuerderen, dass de Rechtsbäistand bei aussergerichtlechen a bei gerichtleche Verfahren, wou Kanner nëmmen indirekt dovunner beträff sinn, och assuréiert soll sinn.

An der Commission juridique si mer de Fuerderunge vum Statsrot a vum ORK awer net nokomm. D’Kommissioun huet à l’unanimité decidéiert esou, wéi et am Regierungstext och virgesinn ass, et beim Rechtsbäistand fir Kanner, déi direkt an enger Justizprozedur implizéiert sinn, ze beloossen. Mir mengen, dass domadder de gréissten Deel vun de Fäll ofgedeckt ka ginn an dass d’Gesetz säin Zil och domadder erreeche wäert.

Mir sinn der Meinung, dass d’Kanner nëmmen dann de Rechtsbäistand vun engem Affekot wirklech brauche bei Prozesser, wou manifestement en Interesseskonflikt tëschent dem Kand a sengen Eltere respektiv sengem Représentant légal besteet.

Wa mir de Champ d’application vun der Rechtshëllef doriwwer eraus ausdehnen, lafe mer Gefor, dass dëst Gesetz mëssbraucht gëtt fir all méiglech Prozesser, och do, wou et am Fong guer net direkt ëm d’Interesse vum Kand geet a wou d’Kand net implizéiert ass.

Näischt verhënnert, no enger gewëssener Zäit e Bilan ze zéien an d’Uwendungsgebitt vun der Rechtshëllef fir Mannerjähreger auszedehnen, wann et sech sollt als sënnvoll an noutwendeg erweisen.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Klein. D’Wuert huet elo den honorabelen Här Henckes.

(Interruption)

Jo, ech muss soen, Här Braz, Är Fraktioun ass fir kee Projet haut de Mëtteg hei ageschriwwen, net fir een eenzegen.

(Interruption)

Jo, et ass keen ageschriwwen.

(Interruption)

Gutt, dann huet den Här Braz fir d’éischt d’Wuert, Här Henckes.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Just ee Saz. Ech mengen, mir hunn haut eelef Projeten, an déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt de Projet, deelt alles, wat d’Virriedner gesot hunn. Ech brauch duerfir dat net nach eng Kéier ze widderhuelen.

Mir soen lech Merci, dass mer d’Wuert awer esou kuerz konnte kréien.

(Hilarité)

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den Här Henckes huet d’Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och meng Félicitatiounen a Remerciementen un de Rapporteur. Et ass hei e gutt Gesetz, wat mer prinzipiell och begréissen.

Ech wollt awer nach op eng Problematik agoen, déi aus dem Artikel 1 ervirgeet, wou d’Konditiounen gesat ginn, ënnert deenen e Mannerjähreger kann eng finanziell Hëllef fir de Remboursement vun den Affekotekäschte kréien. Do steet an deem Artikel, dass dat nure méiglech wär deen Ablack, wou eng Procédure judiciaire engagéiert, dat heescht, wou eng gerichtlech Instanz ugefouert wär.

Ech mengen awer, an ech weess och, dass den Ombudskomité fir d’Rechter vum Kand och schéngt där Meinung ze sinn, dass dat awer e besse restriktiv ass. An de Conseil d’État, de Statsrot, huet och mat Recht dorop higewisen, dass et, niewent den eegentlechen Instanzen, wou Elteren a Kanner viru Geriicht viru Sträit stinn, awer och Fäll gëtt, wou zum Beispill an der Médiatioun d’Méiglechkeet misst bestoen, dass deen Ablack dem Kand en Affekot ka gestallt ginn.

Et gëtt där Saachen eng etlech, an dofir wollt ech en Amendement erabréngen zu dësem Gesetzesprojet, deen déi Formuléierung iwwerhëlt, déi de Conseil d’État gemaach hat, fir justement déi Restriktioun, fir nuren Affekotekäschten a Gerichetskäschten ze rembourseréieren, wann e Sträit viru Geriicht géif bestoen, dass mer dat och sollten zum Beispill op d’Médiatioun ausweiden.

Amendement

Art. 1^{er}. - 1. *Après le cinquième alinéa du paragraphe (1) est introduit un alinéa nouveau rédigé comme suit:*

«Le bénéfice de l’assistance judiciaire est accordé au mineur d’âge indépendamment de la situation de ressources des parents ou des personnes qui vivent en communauté avec le mineur.»

(s.) Jacques-Yves Henckes, Colette Flesch, Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Dat schéngt mer eng positiv Ännerung ze sinn. Dofir géif ech och d’Chamber bidden, fir dat ze stëmmen. Mä à la rigueur kënnen mer och mat deem ablacklechen Text liewen. Mä dat Eent wier manifestement eng Verbesserung.

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Den Här Justizminister Luc Frieden, wann ech gelift.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ganz kuerz. Merci och hei dem Här Roth. Ech mengen, et ass e Projet, deen d’Kannerrechter zu Lëtzebuerg verstärkt. De Statsminister huet am Numm vun der Regierung an der Erklärung zur Lag vun der Natioun am Joer 2007 dëse Projet ugekënnegt. An dat, wat ugekënnegt ass, dat huet dës Regierung och gemaach. Duerfir hu mer schnell duerno dëse Gesetzesprojet op den Instanzewee ginn.

Et ass, wéi hei rappeléiert ginn ass, och eng Fuerderung, net nëmmen, mä och eng Fuerderung vum Ombudskomité fir d’Rechter vum Kand. An et ass gutt, dass mer hei eis Gesetzgebung ausgedehnt hunn. Woubäi een nach ëmmer kann hoffen, dass de Gros vun de Problemer net virum Geriicht a mat Affekote muss geléist ginn, mä dass een dat op engem anere Wee ka maachen an dass d’Kanner net ze oft musse viru Geriichter kommen, och net mat Affekoten.

Nun ass et awer esou, dass heiansdo esou Prozesser eben an deem Sënn stattfannen. An duerfir, mengen ech, ass dat heiten eng zousätzlech Garantie, fir dass d’Kannerrechter adequat geschützt ginn.

Ech wëll der Madame Flesch méi als Budgetsminister wéi als Justizminister soen, dass et mer evident schéngt, dass mer beim Enregistrement wäerten ëmmer derfir suergen, dass déi Sue le cas échéant an deene Fäll, wou dat geet, kënnen erëm agedriwwen ginn. Duerfir ass déi Dispositioun an dësen Text gesat ginn.

Et ass net um Stat, fir dat alles ze bezuelen. Et ass um Stat, fir dat ze bezuelen, wann et anescht net fonctionnéiert, oder och fir et virzebezuelen. Duerfir wäert dat eng Dispositioun sinn, déi an där nächster Regierung besonnesch vun deenen, déi fir d’Statskeess zoustänneg wäerte sinn, muss suivéiert ginn. Mä nach ëmmer muss de Justizminister d’Prozedur déclenchéieren.

D’Gesetzer sinn do, fir ugewannt ze ginn. Hei ass e gutt Gesetz. An ech soen der Chamber Merci fir hir breet Zoustëmmung.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen zum Vote.

» **Plusieurs voix.** - Den Amendement nach.

» **M. le Président.** - Pardon. Jo, den Amendement fir d’éischt.

Amendement 1

Mir stëmmen fir d’éischt iwwert den Amendement of vum Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, ech wier frou, wann ech vun der Regierung kéint eng Stellungnahme kréien, well et schéngt mer awer eng nëtzelech Prezisioun ze sinn.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - E läit am ronnen Dossier.

» **M. le Président.** - Et ass alles e bëselche séier gaangen. Här Henckes, Dir hutt et jo och dättelech exposéiert. Ech hunn dem Minister den Text zoukomme gelooss.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Jo, jo. Här President, ech wollt just nure soen, dass dat den Text ass, deen de Conseil d’État proposéiert hat. Also, dat heescht, en ass also aviséiert. An et wier just deen Text, dee mer géifen iwwerhuelen.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, et ass mir esou, wéi wann an der Kommissioun iwwert déi dote Problematik des Laangen an des Breede geschwat gi wier, net opgrond vun engem formellen Amendement, mä dass mer deen Amendement an där Form och... Ech mengen, dat war och net... Ech kann net fir d’Chamber schwätzen. Mä iwwert déi Problematik, wéi d’Assistance judiciaire soll organiséiert ginn, doriwwer ass diskutéiert ginn, an deen Text, deen hei der Commission juridique virgeluecht ass, dass ass deen Text, deen d’Zoustëmmung vun der Regierung fënnt. An deen Amendement fënnt a contrario net d’Zoustëmmung vun der Regierung.

» **M. le Président.** - Très bien.

Sou! Mir stëmmen elo iwwert den Amendement of.

Vote

Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Den Amendement ass ofgelehnt mat 45 Nee-Stëmmen, bei 13 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Charles Goerens), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM.

Charles Goerens, Paul Helming (par Mme Anne Brasseur) et Claude Meisch (par M. Eugène Berger);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Norbert Hauptert), Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Ben Fayot), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Mir stëmmen dann iwwert dee ganze Projet de loi of, an där vun der Kommissioun a vum Rapporteur proposéierter Versioun.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5848 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roland Schreiner), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helming (par M. Anne Brasseur) et Claude Meisch (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

M. Aly Jaerling.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vum Ordre du jour: den Harcèlement obsessionnel. An eng drëtte Kéier ass den Här Gilles Roth Rapporteur. Ech bidden hien, de Rapport vun der Kommissioun virzedroen.

4. 5907 - Projet de loi insérant un article 442-2 dans le Code pénal en vue d’incriminer le harcèlement obsessionnel

Rapport de la Commission juridique

» **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir...

(Interruption)

Entschëllegt.

(Hilarité)

» **M. le Président.** - Jo, bei esou vill Rapporten do kann ee sech emol eng Kéier am Text iren. Dat ass...

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Amstand, et wier emol net opgefall.

(*Hilarité*)

» **M. le Président**.- Dat wier allerdéngs fir d'Chamber méi schlëmm gewiescht, net fir den Här Roth. Sou, Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Gilles Roth** (*CSV*), *rapporteur*.- Entschëllegt, ech hat dee falschen Text.

Also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 5907 gëtt de sougenannte Stalking zu Lëtzebuerg...

» **Une voix**.- Aaahhh!

» **M. Gilles Roth** (*CSV*), *rapporteur*.- ...eng Strofdot. Dat Wuert „stalking“ staamt aus dem englesche Juegdjargon a bedeit do esou vill wéi „onbemierkt oder heemlech sech erunzeschläichen“. Op Däitsch schwätzt ee vun enger „Nachstellung“; am Franséische vun engem „Harcèlement obsessionnel“.

Wéi den Titel vun dësem Gesetzesprojet et seet, ass et ënnert dem Begrëff vun dem Harcèlement obsessionnel, wou d'Strofdot vum Stalking bei eis elo an de Code pénal, eist Strofgesetzbuch, ageschriwwé gëtt. Bei dem Wuert „Harcèlement obsessionnel“ mag vläicht deen een oder deen anere schmunzelen. Déi Leit, déi vun engem sougenannte Stalker nogestallt kréien, sinn awer an hirer perséinlecher Fräiheet, jo souguer an hirer physescher oder psychescher Integritéit staark beanträchtegt.

D'Affer fille sech belästegt duerch fortwährend Telefonsuriff, E-Mailen, SMSen, Bréiwer, déi se vun dem Stalker iwwer Wochen a Méint, heiandsdo Jore kréien. Den Täter scheit oft net dervun zrëck, sengem Affer direkt ze begéinen, em nozegoen, et ze observéieren, Cadeauen ze schécken. A verschiddene Fäll agresséiert e säin Affer oder säi Besëtzt. Dëst féiert beim Affer zu Stress an Angschtzoustänn, souguer zu Depressiounen, wat d'Affer alt derzou beweegt, seng ganz Liewensweis mussen ëmzestellen.

Här President, Statistiken aus angelsächseseche Länner, wou de Stalking als Strofdot schonn zënter 1990 besteet, hu festgestallt, dass 12% vun de betroffene Leit an hirem Liewe schonns eng Kéier Affer vun engem Stalking waren. Prinzipiell sinn all Konstellatioun vum Täter/Affer méiglech: Mann zu Fra, Fra zu Mann, Mann zu Mann respektiv Fra zu Fra.

Dräi Véierel vun den Täter sinn an der Regel Männer. 80% vun den Affer si Fraen. An der Halschent vun de Fäll hat den Täter eng fréier Bezéiung zu sengem Affer, déi an d'Bréch gaangen ass. Doriwwer eraus kënnt den Täter meeschtens aus dem perséinlechen Ëmfeld vun dem Affer: esou en Noper, en Aarbechtskolleeg, e Client. Et ass méi seelen, dass d'Affer den Täter net kennt. Hei sinn d'Affer virun allem Leit, déi an der Offenlechkeet stinn: Sportler, Museker, Politiker, Televisiounsanimateuren.

Här President, an Amerika, England, Kanada, Australien gëtt de Stalking, wéi gesot, schonns zënter den 90er Jore stroferechtlech verfollegt. An Däitschland verbitt e Gesetz aus dem Joer 2007 dee sougenannte Phänomeen vun der „Nachstellung“. An der Schwäiz an a Frankräich gëtt et keng Strofbestëmmung fir de Stalking. Esou e Behuele kann awer duerch aner Gesetzesbestëmmunge stroferechtlech belaangt ginn. An der Belsch gëtt et zënter '98 ee speziellen Artikel an dem Code pénal iwwert den Harcèlement obsessionnel.

(**M. Laurent Mosar prend la Présidence**)

Här President, de Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut ofstëmmen, huet sech enk un dem belschen Text inspiréiert. De Stalking gëtt als Artikel 442bis an eist Strofgesetzbuch ageschriwwen. Déi nei Strofdot heescht Harcèlement obsessionnel. Et mécht sech demno schëlleg deejéinegen, deen duerch säi Verhalen eng aner Persoun widderhuelt bedrängt, si also harceléiert, obschonns e wusst oder hätt misse wëssen, dass dës Persoun sech staark an hirer Rou beanträchtegt fillt. Op dëser Strofdot steet eng Prisongsstrof vu 15 Deeg bis zwee Joer an/oder eng Geldstrof vun 251 bis 3.000 Euro.

D'Strofdot vun dem Harcèlement obsessionnel, wéi se elo offiziell bei eis bei dem Code pénal heescht, ass ginn, wann zwou Konditiounen festgestallt sinn: ee materiellen Tatbestand an e moralescht Element.

De materiellen Tatbestand setzt vun dem Täter e Verhale viraus, dass en d'Affer a senger Rou, senger Privatsphär stéiert. Dësen Tatbestand ass wëllentlech wäit gefächert, fir eng ganz Rei vun ënnerschiddleche Verhalen ze ëmfaassen. Den Ermies-

sensspillraum vun dem Tatbestand ass also grouss. Et gëtt deemno net eng konkret Handlung viséiert, mä eng Hällewull vu Behuelen. Dëst ka vu Bréiwer, Telefonsuriff, SMSen, E-Mailen iwwer Cadeauen, engem nospionéiere bis zu verbalen Aggressiounen oder souguer handgräiflechen Ugrëff op d'Affer oder säi Besëtzt goen.

Den Text gesäit awer vir, dass d'Affer widderhuelt, also de façon répétée - wéi et geschriwwé steet - muss belästegt ginn. Eng eenzel Handlung geet also net duer. Mä et muss net ëmmer déiselwescht Handlung, zum Beispill systematesch SMSe sinn. Den Text inspiréiert sech un dem däitsche Recht, wou vun enger beharrlecher Nachstellung Rieds geet.

Bei dem moraleschen Element vun der Strofdot geet et ëm d'Fro, ob den Täter woustt oder hätt misse wëssen, dass en duerch säi Verhalen dem Affer geschuet huet. Bei der Appréciatioun gëtt am konkrete Fall dann d'Referenz geholl op dat sougenannt Verhale vun engem Bon père de famille. Dat moralescht Element ass an deem Sënn wichteg, well de rengen materiellen Tatbestand, wéi zum Beispill SMSe schécken oder E-Maile schécken, eleng oft duerchaus legal ass.

Schliesslech gesäit den Text vir, dass d'Strofdot nëmme ka verfollegt ginn, wann eng Plainte virläit. D'Affer vun der Strofdot muss also selwer d'Initiativ huelen, fir d'Verfolgung anzeleeden. De Parquet kann net selwer aktiv ginn. D'Ursach fir eng Plainte vun dem Affer ass déi, dass d'Verfolgung vun der Strofdot am Interessi vun dem Affer soll geschéien. Op dësem Punkt wäicht de Gesetzesvorschlag vun dem belsche Code pénal of, wou d'Poursuiten och op Initiativ vun dem Parquet kënnen ageleet ginn.

Mä wa bis eng Kéier eng Plainte déposéiert ass, kann d'Affer d'Prozedur net méi stoppen. De Parquet décidéiert dann eleng, wat mat der Affär geschitt. D'Commission juridique huet de Regierungstext an deem Sënn amendéiert, dass d'Plainte vun dem Affer selwer, sengem legale Verrieder oder engem Ayant droit ka gemaach ginn. Den Text gëtt hei op den Artikel 10 vun dem Gesetz vun dem 11. August '82 iwwert de Schutz vun der Privatsphär alignéiert.

Et sief zum Schluss nach gesot, dass d'Commission juridique engem Vorschlag vun dem Statsrot net nokomm ass, fir den Artikel 6 aus dem virgenannte Gesetz vun '82 iwwert de Schutz vun der Privatsphär ofzeschafen. Dës Bestëmmung bestrooft deejéinegen, dee wëssentlech eng Persoun mat widderhuelten Telefonsuriff oder anere Messagë belästegt huet.

D'Commission juridique war hei der Meinung, dass dës Gesetzesbestëmmung eng konkret Handlung bestrooft, wouriwwer de Gesetzesvorschlag iwwert den Harcèlement obsessionnel vill méi breet ass, an dass et esou zu kenge Konflikter tëscht deenen zwou Bestëmmunge ka kommen.

De Statsrot hat schliesslech nach virgeschloen, fir d'Wuert „obsessionnel“ an der Iwwerschrëft vun der neier Strofbestëmmung ze sträichen. D'Commission juridique ass deem net nokomm, well dës Strofdot sech kloer vun dem Harcèlement sexuel oder dem Harcèlement moral ofgrenzt. D'Commission juridique huet de Vorschlag ugehall, deen am Kader vun den Diskussiounen vun dem Projet de loi gemaach gouf, nämlech et als Circonstance aggravante unzegesinn, wann den Harcèlement obsessionnel duerch en Täter geschitt, dee bei dem Affer gewunnt oder geschafft huet.

Här President, mat dem Gesetzesprojet gëtt elo eng nei Strofdot an eise Code pénal agefouert. Mir hunn also elo an eiser Gesetzgebung Bestëmmungen an dem Code du Travail an am Statsbeamtestatut, déi den Harcèlement sexuel a moral op der Aarbecht verbidden. Derniewent bestrofen zwee Gesetzer aus de Joren 2006 an 2007 den Harcèlement an allen Domänen, all Kéiers, wann e Verhale vun enger Persoun virläit, dat enger anerer Persoun hir Dignitéit blesséiert an eng verbueden Diskriminatioun duerstellt.

Här President, d'Commission juridique huet de schrëftleche Rapport zu dësem Gesetzesprojet eestëmmeg ugehall a recommandéiert dëse Projet ze stëmmen. Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Ech soen dem Här Rapporteur Merci. Als éischte Riedner ass am Prinzip den Här Bettel agedroen, mä ech mengen, d'Madame Flesch ersetzt den Här Bettel. Dann huet d'Madame Flesch elo d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch** (*DP*).- Merci, Här President. Ech probéieren den Här Bettel ze ersetzen esou gutt wéi et geet.

(*Interruption*)

Ech wëll hei nach eng Kéier dem Rapporteur Merci soen. Ech mengen, en huet a sengem schrëftlechen a mëndleche Rapport alles zu deem gesot, wat muss zu dësem Gesetz gesot ginn. Ech wäert mech also dorop beschränken, den Accord vun onser Fraktioun ze ginn.

Merci, Här President.

» **M. le Président**.- Ech soen der Madame Flesch Merci, déi den Här Bëtzel exzellent ersat huet. Als nächst Riednerin ass dann d'Madame Dall'Agnol agedroen. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Claudia Dall'Agnol** (*LSAP*).- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wéilt ech och dem Rapporteur Merci soe fir seng Aarbecht, an natierlech och säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech wéilt dann awer ufänke mat engem kuerze Réckbléck, wéi et iwwerhaupt zum Projet de loi koom.

2006 schonns, nodeems ech Chiffer aus der Belsch fonnt hat, déi dovun geschwat hunn, dass bei hinnen am Land massiv d'Zuel vun de Stalking-Affer an d'Luucht gaangen ass. Si hu vu fénnefmol méi Fäll an enger Rei vu Jore geschwat, a si hunn eigentlech nëmmen déi gezielt, déi och Plainte bei der Police gefouert hunn.

Dunn hunn ech eng Question parlementaire un de Minister gestallt, wéi et dann hei am Land mam Stalking wär. An ech krut geäntwert, dass mer keng Chifferen hätten an dass mer géife waarden, fir ze légiféréieren, wa mer géife gesinn, wat sech an eisen Nopeschlänner géif doen.

Ech hunn du méi spéit e bëssen nogehaakt, well och Däitschland légifériert hat mëttlerweil. Dat huet de Virriedner jo och scho gesot. Schlussendlech ass et awer dem Procureur Robert Biever ze verdanken, deen a sengem Rapport annuel 2007 eng Recommandatioun mécht, wat de Stalking ubelaangt ze légiféréieren. Am Juli d'lescht Joer gouf dann endlech de Projet de loi hei an der Chamber deponéiert.

Dass et wichteg ass, esou e Gesetz ze hunn, dat weisen d'Chifferen, wéi zum Beispill déi aus der Belsch, déi ech jo scho kuerz ugeschnidden hunn, déi dramatesch an d'Luucht gaange sinn zënter eben dem Anti-Stalking-Gesetz. Dat kléngt elo co-casse, mä et ass net esou, dass duerch d'Gesetz et méi Delikter gëtt. Mä et ass esou, dass elo déi Betrafte wëssen: Et ass e Gesetz do an et kann eppes gemaach ginn. Et kann hinne gehollef ginn. Si ginn net einfach nëmme méi vun der Police fortgeschéckt. Si hunn also elo de Courage a si féieren och Plainte.

Ausserdeem weist ee mat esou engem Gesetz och dem Affer, dass dat, wat him geschitt, Onrecht ass, an dass et net d'Affer ass, wat schëlleg ass, well dat Gefill kréie se leider nach vill ze vill dacks vermëttelt, mä dass et den Täter ass, dee sech eppes zuschëlle komme gelooss huet.

Natierlech ass et och wichteg, dass jiddweree weess, dass esou e Behuele strofbar ass. Dat wierkt - esou hoffen zumindest d'Spezialisten zum Thema Stalking - preventiv an hält Leit dovunner of, aner Leit ze belästegen.

Wie gëtt elo zum Stalker? Also, generell kéint ee soen, dass jiddweree vun eis heibannen zum Stalker kéint ginn. Zumools, well - an de Rapporteur sot et - och nach meeschtens d'Männer et sinn, déi stalken.

(*Interruption*)

Ech probéieren lech hei net ze stalken. Ech probéiere just mäin Discours zu Enn ze bréngen, wann Der erlaabt.

Dat bewiesen d'Chifferen aus den eenzelne Länner, Här Jaerling, dass et meeschtens Männer sinn. Ech hunn een erausgepickt, nämlech deen aus eisem Nopeschland Däitschland. Firwat? Ma well dat kulturell net esou ënnerschiddlech ass vun eisem, an dass een eben domat kann dovunner ausgoen, dass d'Chifferen hei am Land net vill anescht sinn.

An zwar sinn no de statistesche Berechnungen an eisem Nopeschland vun aktuell gestalkte Persounen, déi bei zirka enger hallwer Millioun leien, der ëmmerhin 80% weiblech.

Wann een elo weess, dass nëmme ronn 20% an Däitschland iwwerhaupt Plainte féieren, da weess een och, wéi héich d'Donkelziffer ass. Dass déi enorm ass. An an eisem No-

peschland gi se och dovunner aus, dass 12% vun hirer Populatioun wéinstens eemol an hirem ganze Liewe gestalkt ginn.

Elo kann een natierlech driwwer diskutéieren, wou Stalking ugeet oder wat Stalking ass. Abee, e fänkt domat un, wou eng Persoun sech belästegt fillt an net méi hire gewinnente Rhythmus oder hire Liewensstil kann oprechterhalen.

Och do e puer Chiffren aus Däitschland: 73% vun den Affer veränneren hiert Verhalen am Alldag, 17% plënnere a 5% wiessele souguer d'Aarbecht.

Kommt, mir huelen einfach emol e puer Beispiller, oder och nach zwee. Eng Fra kënnt owes heem, mécht d'Luucht an d'Musek un a beweegt sech fräi an hirer Wunneng. Nodeems se elo gestalkt gëtt, mécht se, wa se heemkënnt, emol fir d'éischt d'Rolllueden erof. Se mécht och eventuell keng Musek méi un. Fir dass de Stalker net gesäit, dass se dobannen ass. Elo kann ee jo soen, dass se eigentlech vun Ufank an hätt sollen hir Rolllueden erofmaachen an dass et sech ëm eng Klengegkeet handelt. Dat ass dann och leider d'Reaktioun, déi vill Affer nach ëmmer ze héiere kréien. An et gëtt dann ebe weiderhin esou gemaach, wéi wa si schëlleg wäeren, an net den Täter.

Kommt, mir huelen nach en anert Beispill. Dir hutt eng Duechter, déi Duechter huet 20 Joer, geet an de Supermarché a gëtt do am Rayon ganz fein vun engem gläichaltrege Mann ugeschwat, dee fret, op se keng Loscht huet, e Kaffi mat em drénken ze goen. Är Duechter seet neen. Doropshin dee jonke Mann: Ma mir kënne jo och eng Pizza iesse goen. D'Duechter seet nach ëmmer neen, an dee jonke Mann ëmmer nach ganz fein a manéierlech: Ma da kommt, ech lueden lech a fir e Weekend op Knokke.

Elo ass dat ganz individuell, wéi déi jonk Fra reagéiert. Gereizt, se laacht, se réiselt de Kapp oder geet einfach weider. An déi Situation, déi kann dann och individuell als flirte beuerteelt ginn. Deen aneren, dee seet, fir hie wär et vläicht penetrant.

Wann Är Duechter elo heemkënnt, da laacht Der vläicht gemeinsam an der Famill driwwer. Mä wat wär awer, wann den Dag drop ënnert dem Wischer vun hirem Auto eng Rous héing mat enger Kaart, wou dann dropstéing: Wëlls de nach ëmmer net mat mir Kaffi drénke goen? Den Dag drop géif et bei lech schellen an et kéim e Cadeau un. Dann ass ee vläicht nëmme genervt oder et muss ee sech awer och froen: Wéi kënnt deen do u meng Adress? Ass dee mer no-gaangen? Lauert dee mer op? Wouhier weess dee mäin Numm?

An d'Reaktioun vum Stalking-Affer, déi sinn dann och genauso individuell wéi déi Situationen, wou ech elo beschriwwen hunn. Kappwéi, Mowéi, Angschtstéierungen, wat awer net driwwer ewech soll täuschen, dass laut erëm eng Kéier eisen däitschen Nopere hir Chifferen, all fénneft Affer opgrond vu psychesche Problemer muss krankgeschriwwé ginn an dass et souguer zur Aarbechtsonfäegkeet, also zum krankheetshalber Pensionéiertgi ka kommen. An och de Suizid ass bei den Affer, leider, géif ech soen, verbreet.

Fir erëm eemol den däitschen Taux ze nennen, hei gi 24% vun den Affer wéinst gesondheetleche Problemer bei den Dokter respektiv bei en Therapeut.

Ech sot lech virdrun, jiddwereen, och jiddweree vun eis kann zum Stalker ginn. Et ginn eng Rei Recherchë gemaach, wat den typesche Stalker eigentlech ausmécht. Mä et huet sech net vill erausfanne gelooss. Et geet een dovunner aus, dass net all Stalker psychesch oder psychologesch Problemer huet.

Nach eng Kéier Chifferen aus dem Nopeschland, déi soen, dass eigentlech nëmme 5% vun de Stalker psychesch krank sinn an nëmmen 10% bezéiungsgestéiert oder narzisstesch. Dat ass eigentlech e ganz klengen Prozentsaz vun hinnen all.

Och fir d'Affer awer gëllt, dass jiddweree ka gestalkt ginn, wann och, wéi ech schonns virdru sot, d'Chiffre weisen, dass et an der Majoritéit Frae sinn, déi gestalkt ginn, a Männer, déi stalken.

Et ass och laut allen internationale Statistiken, déi ech fonnt hunn, esou, dass et ganz oft den Expartner oder en ofgewisene Ve-

rehrer ass, dee stalkt. Op der zweeter Plaz awer, an dowéinst weist sech erëm, firwat jiddweree kann Affer ginn, sinn déi Leit, déi mat Clienten, Patienten a Kontakt kommen an ebe vun deene gestalkt ginn. Dat heescht d'Dokteren, Guichetsbeamten, Afekoten an esou weider. Nëmmen 10% kennen hire Stalker guer net. An dat ass da meeschtens de Fall, wa mer erëm an den Noriichten oder op der Tëlee héieren, datt e Politiker oder e Star belästegt ginn ass.

Mä mat deene Chifferen, déi ech lech elo genannt hunn, do gesäit ee méi wéi däitlech, datt et bäi Wäitem net bei de Politker respektiv bei de Staren ophéiert. A souguer bei de Staren ass et net ëmmer deen, dee belästegt gëtt, deen all d'Folge vum Stalking ze droe kritt. Als Beispill de Stalker vum Jodie Foster, der Filmschauspillerin, dat war den Attentäter vum Ronald Reagan. E wollt mat der Dot där Schauspillerin imponéieren, an hei weist sech och erëm, wéi fatal et ka sinn, wann een d'Drohungen net eescht hält. Wat an deem Fall geschitt ass. Well den Täter seng Dot via Bréif un d'Schauspillerin am Virus ugekënnegt hat.

Experten no drohe 34,6% vun de Stalker mat kierperlecher Gewalt an 30,4% ëmmerhi setzen hir Drohungen dann och ëm, an dat geet bis zu Mord, och hei zu Lëtzebuerg. Wann Der lech un de Prozess ëm de Mord, deen 2006 zu Bierschbech geschitt ass, erënnert, deen Enn d'lescht Joer viru Gericht koom, do gouf erausfonnt, datt d'Affer, des Kéier war et e Mann, net manner wéi 400 Stalkinguriff kritt huet. Dat konnt Der an der Press noliesen, ier et iwwerhaupt zum Mord koom.

D'Amerikaner ginn dovunner aus, datt bei all fënnfte Stalkingfall och Gewalt am Spill ass. Datt een déi Drohungen also ëmmer soll eescht huelen, dorop ass d'Police hei am Land och virbereet, a si si mëttlerweil geschoult, wéi ee mat deene Situatiounen soll ëmgoen.

Et ass och esou, datt, wann no deenen éischte Belästegungen e Polizist bei de Stalker heemgeet an deem seet, datt seng Dote kriminell sinn, an datt se wëssen, datt hien och déi Persoun ass, déi stalkt, eng ganz grouss Zuel vun de Stalker ophält. Alldéngs huet sech och gewisen, datt sech des Öfteren déi Stalker ganz einfach en anert Affer sichen.

Och um Affer ass et awer vun Ufank un, eng ganz kloer an däitlech Sprooch ze schwätzen, nämlech Nee soen, soubal wéi méiglech an eben och soubal wéi néideg Hëllef sichen. Hëllef, déi wéi gesot d'Police bidde kann, mä och vill aner sozial Servicer oder och de Wäisse Rank wësse mëttlerweil, wat an esou Fäll ze maachen ass.

Virun allem well Stalking net nëmmen esou eng Iwwergangserscheinung ass, wou een unhëlt, datt se no e puer Deeg oder no e puermol, datt een ugeruff huet, ophält.

Den däitschen „Weißer Ring“, deen huet Statistiken, déi mat der däitscher Police och iwwereneeklapfen, an déi hunn erausfonnt, datt Stalking am Duerchschnëtt 28 Méint laang unhält. Also iwwer zwee Joer, wou d'Persounen, op gutt Lëtzebuergesch gesot, emmerdéiert ginn.

Wéi gesot, Stalking ass näischt Neits, et huet just elo en Numm an d'Affer traue sech sech ze ouden an Hëllef ze sichen, wa se terroriséiert respektiv belästegt ginn. Stalking kascht och net nëmmen d'Gesondheet vun den Affer, wou ech virdru jo schonn drop agaange sinn, mä et kascht och puert Geld. Laut enger Etüd an Amerika aus dem Joer 2005 hätt Stalking den US-État 1,2 Milliarden Dollar kascht duerch Krankmeldungen oder medezinesch Behandlung. Op Däitschland héichgerechent wäeren dat 340 Milliounen Euro. A wann et géiffe Chiffere fir Lëtzebuerg ginn, da wär sécherlech deen Aha-Effekt an der Bevölkerung, awer och an der Politik grouss gewiescht. Voilà.

Fazit bleift, menger Meinung no, festzehalen, datt mer hei zu Lëtzebuerg richteg leien de Mëtteg, dat Gesetz ze stëmmen, datt awer och musse fir Lëtzebuerg Chifferen op den Dësch, datt et muss Behandlungskonzepter ginn hei am Land fir de Stalker an datt et och muss eng nach méi verstärkt Zesummenaarbecht tëschent der Police, dem Parquet, der Psychiatrie an och de psychosoziale Berodungsstelle ginn, fir datt Stalking och als Stalking erkannt gëtt, sou-

bal wéi méiglech, an datt déi Leit och gehollef kréien, ier d'Kand am Pëtz läit.

Domat ginn ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Dall'Agnol Merci. An als nächste Riedner hu mer den Här Braz, dee sech agedroen huet. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Wann ee bei deemem Projet iergendeppes ze bemängelen hätt, da wier et héchstens, dass de Projet eréischt am Laf vum Joer 2008 déposéiert ginn ass, wou aner Länner scho méi laang eng Léiglatioun hunn. Mir mengen awer, dass een hei sollt d'Regierung félicitéieren dofir, dass se de Projet déposéiert huet, an dass mer deen Text och esou séier duerch d'Instanze kritt hu wéi Statsrot a Chamber, well mer halen dëse Projet fir e ganz wichtege.

D'Explikatiounen vun der Madame Dall'Agnol hu kloergemaach, wéi wichteg dës Matière ass fir déi Leit, déi d'Ongléck hätten, bei esou enger Persoun ze vill Intérêt ze provoziéieren. An dofir menge mer, dass et absolut utile ass, dass Lëtzebuerg elo déi dote Gesetzgebung kritt.

Deeselwechte Phenomeen féiert bei deenen enge Leit net dozou, datt se sech belästegt fillen, well et gëtt Leit, déi dat kënnen handelen, déi och déi Leit kënnen konfrontéieren a se och selwer an de Grëff kréien.

Dat ass awer bei villen net de Fall, well op där anerer Säit oft eng Rücksichtslosigkeit an eng Insistenz an eng Hartnäckegkeet virfonnt gëtt, déi iergendwann eng Kéier och déi stäerksten Nerven un hir Limitë bréngt, a spéitstens vun do u gëtt deene Leit hiert Liewe carrément zur Häll. Dat däreft ënner kengen Ëmstänn toleréiert ginn an et muss och beim Stat eng Äntwert dofir ginn.

Déi Äntwert muss awer eng duebel sinn. Et muss déi Äntwert sinn, déi mer haut hei an d'Gesetz schreiwen an déi mer mat deem Gesetz haut schäfe fir Lëtzebuerg, nämlech déi, dass ee ka bei der Justiz oder bei der Police dergéint kloen. Dass een also Hëllef kritt vu policiéren Instanzen an dass een Hëllef kritt vu judiciairen Instanzen.

Mir hunn awer och unhand vun den Zuelen, déi de Mëtteg duergeluecht gi sinn, jo och gesinn, dass déi Leit sech oft kennen. Et si meeschtens Männer, déi Täter sinn, et si meeschtens Fraen, déi Affer sinn. Et sinn net ëmmer Männer, déi Täter sinn, et sinn net ëmmer Fraen, déi Affer sinn. Ganz, ganz oft kennen déi Leit sech awer. An dat weist och op ongeléiste relationell Problemer hin. Dofir ass et wichteg, dass als zweet Äntwert, nieft deem, wat mer haut maachen, och tatsächlech d'Bewosstsäin bei enger ganzer Rei vun Acteuren muss fir dës Problematik geschäerft ginn, fir dass et och eng aner Behandlung gëtt an en anere Suivi gëtt fir déi dote Fäll vu Problemer.

Et muss och kënnen mat der Strengt vum Gesetz gehandhaabt ginn. Et muss awer och probéiert ginn, mat aneren Instrumenter dee Problem ze léisen. Deene meeschten ass gehollef, wann déi duerschneittlech Dauer manner wéi 28 Méint doduerch dauert, dass ee konnt geziilt deene Leit entgéintrieden, well dat ass bei dëser Matière eigentlech de Fin mot.

An aller Regel maachen déi Leit et just mat deenen, déi sech net dergéint wieren. Si maachen et just mat deenen, déi sech et bidde loossen, déi net klipp a kloer soen: „Neen!“, a sech dann och hëllef loossen an doduerch d'Moyenë kréien, fir kloer bei dëse Leit kënnen sech ze wieren.

Dëst Gesetz ass e Bäitrag do derzou. Dofir wäert och déi gréng Fraktioun mat Sécherheet dëst Gesetz stëmmen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Braz Merci. Als nächste Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an en etlechen europäesche Länner gëtt doriwier diskutéiert, ob ee soll oder ob een net soll esou e Gesetz wéi dat vum Stalking oder vun den Nostellungen an déi national Gesetzgebungen abréngen.

Ech wëll drop hiweisen, datt zum Beispill d'Schwäiz esou eng Debatt hat an déciéiert huet, just keng stroferechtlech Pursuitt virzegesinn, mä nuren zivilrechtlech.

Et ass och esou, datt mer hei zu Lëtzebuerg net vill Statistiken hunn, fir net ze soen, datt

mer guer keng hunn. Dofir muss een da kucken, wéi et am Ausland ass, d'autant plus, wou mer eng däitsch Gesetzgebung iwwerhuelen, méi oder weiniger iwwersat, richteg iwwersat, an datt mer och da sollten emol kucke goen, wéi et an Däitschland mat deem Text do steet.

Do gesäit een, datt ongeféier nuren 10% vun de Plainten, déi gemaach ginn, effektiv eng Sanktioun kréien. Dat ass absolut weinég. Woufir ass dat? Ma well et ganz einfach ganz schwéier ass, fir de Bewäis um stroferechtliche Plang ze bréngen vun deem, wat hei soll bestrooft ginn.

Eng Persoun, en Täter hätt misse wëssen, oder wosst, datt en duerch seng Aktiounen géif d'Rou vun där Persoun stéieren. Domadder kann ee viles interpretéieren. Et kann een zum Beispill à l'extrême souguer fannen, datt d'Wieler an dësen Zäiten, wou se vun de Parteie ganz vill Propagandamaterial zougeschéckt kréien, Affichen a Spoten an d'Televisioun, dass richteg en Harcèlement obsessionnel vis-à-vis vum Wieler gemaach gëtt.

(**Interruption**)

Dat schéngt mer eng Debatt ze sinn; wann een d'Formuléierung just hei kuckt, kéint et dat doten och beinhalten.

Dofir muss ee soen, datt... Ech fäerten, datt déi Gesetzgebung hei wäert net vill zum Droen kommen. Mir hunn och dofir an der Commission juridique mat Recht drop gehalen, datt déi aner Infraktioun, déi an deeselwechte Sënn geet, dat ass déi, wann een oft Telefonsuriff oder SMSe schéckt, beispillsweis, datt dat liicht ze bewiesen ass an datt een do kann deen Ablack eng Strof virgesinn. Dat besteet also nach weider an do ass dat och absolut richteg.

Mä bei deem aneren ass dat relativ komplex. An ech fäerten, datt mer mat esou Gesetzgebungen ëmmer méi stroferechtlech Saache virgesinn, datt ganz vill Plainte kommen, datt Leit hanneno déi Plainte maachen einfach just nure fir engem aneren ze schueden. Bref, hei schéngt och ganz vill Dénonciatioun a Plainte calomnieuse kënnen virauszegesi sinn.

Mir mengen also, datt dat Gesetz hei net vill bréngt, an dofir wäerte mer ons och enthalten.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Une autre voix.** - Oi, oi, oi, oi, oi!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Henckes Merci, an dann ass nach den Här Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Ech si frou, dass d'Madame Dall'Agnol awer zouginn huet, dass et och Männer ginn, déi harceléiert ginn. Well ech kenne nämlech och Fraen, déi kënnen ganz schéi gehäseg ginn. Mä ech wëll awer soen, dass Männer an der Regel e ganz doucé Charakter hunn, bis zu deem Moment, wou se eben op déi falsch Fra falen, hä. Mä dat ass awer... Dat muss awer net onbedéngt sinn.

(**Brouhaha**)

Ech wëll awer bei deem Gesetz hei vläicht soen, dass mer awer mussen e bëssen oppassen, wéi wäit dass dat ka goen. Well et gëtt Leit, déi fille sech schonn harceléiert, wann ee sech zwee Deeg hannereneen am Bus niewent se setzt. Ech mengen, et gëtt och Leit, déi iwwerempfindlech sinn. Jo, wann ech mech niewent se setzen, da fille se sech souguer erdréckt, gell.

Mä ech mengen, et gëtt Leit, déi och empfindlech sinn, an et ass vläicht awer e bësse wéi den Här Henckes gesot huet, dass et awer kann zu Exzesse féieren, wou d'Gerichter mat Saache belaauscht ginn, déi awer wierklech och aner Saachen ze dinn hunn.

Mä ech hunn awer eng konkret Fro un den zoustännegen Här Minister. Ech mengen, et ass lech jo net unbekannt, dass ech systematesch harceléiert gi vun engem Journalist, an elo stellt sech hei d'Fro: Fält dat dann ënnert dat Gesetz hei oder gehéiert dat zum fräie Journalismus?

Dat ass eng Fro. Ech mengen, ech hunn lech schonn e puermol déi Fro gestallt. Dir wësst dorop keng Äntwert. Dir sot, Dir géift esou Zeitungen net liesen.

Mä fir mech ass et awer eng Fro, net nëmme fir mech, mä et si jo nach aner Leit, déi systematesch harceléiert ginn, duerch den Dreck gezu ginn, an do stellt sech elo d'Fro hei: Wéi gëtt dat gehandhaabt, wann do an deem Sënn eng Plainte kënn opgrond vun deem Gesetz hei? Oder kann ee sech do nach als Journalist hannert der fräier Berichterstattung verstoppen? - Wat fir mech

scho laang keng fräi Berichterstattung méi ass, wat dee betreffende Journalist mécht, wann et iwwerhaupt e Journalist ass. Ech géif em déi Qualifikatioun schonn hei emol direkt offiziell ofspriechen, och wann ech net dat Recht dozou hunn.

Mä ech mengen, dat ass eng Fro, an ech géif mengen, dass dat awer interessant wär, ob een déi Persoun vläicht am Kader vun deem Gesetz kéint e bësse bremsen, fir awer Leit géint esou Harcèlementen ze schützen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Justizminister.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ganz kuerz nëmmen. Ech mengen, fir d'Affer vum Stalking ass dat hei e Gesetz, wat sécherlech net all Problemer léist, well een de Phenomeen domadder net kann aus der Welt schafen. Mä et ass awer hoffentlech eng gutt zousätzlech Hëllef, fir datt och de Gesetzgeber der Justiz an der Police d'Instrument gëtt, fir beim Täter méi ze maachen.

Et ass jo net esou, wéi wa mer virdru guer näischt gehat hätten. Well verschidde Gesetze, wéi iwwert de Schutz vun der Privatsphär, iwwert d'Protektioun vun der Vie privée, hunn och haut schonn Handhabe ginn. Mä dat hei ass eng méi kloer Handhab. Et ass e Phenomeen, dee mer an den 90er Joren, oder..., jo, an deene leschte Joren an de Gesetzgebungen och am Ausland spezifesch fonnt hu fir de Stalker, an dofir mengen ech ass et gutt, datt mer eis an d'Rei vun deenen europäesche rezente Gesetz-esännerungen agereit hunn.

Nach eng Kéier, mengen ech, dat ginn eng Rei Dispositiounen, déi dann an der Hand si vum Parquet, fir ze kucken, wat en domadder mécht, jee no de Faiten, gradesou wéi an där Fro, déi elo grad den Här Jaerling gestallt huet. Ech mengen a priori, datt déi hei Dispositiounen net op déi vun him beschriwwe Fäll zoutreffen. Mä et ass ëmmer um Parquet ze kucken, jee no prezise Faiten, wat ënner wat fält.

Mä ech soen nach eng Kéier, datt de Schutz vum Privatlieue muss vu jiddwerengem respektéiert ginn, ënnerschiddlech no der Situatioun, an där sech eng besonnesch Persoun befënn. Bei enger öffentlecher Persoun ass dat anescht wéi bei enger Privatpersoun, mä sécherlech ka keen engem säi Liewe fundamental duerch en ëmmer erëm widderhuelend Comportement onméiglech maachen.

(**M. Jos Scheuer prend la Présidence**)

Dat ass d'Zil vun dëser Gesetzgebung géint de Stalking. Duerfir och d'Iwwerschrëft vum Harcèlement obsessionnel. Ech weess, datt dat och net am Text steet, mä fir ze weisen, datt dat eppes ass, wat een op eng kontinuéierlech, dérangeant Aart a Weis muss maachen. Ech mengen et wier gutt, wa mer fir d'Affer vum Stalking dës zousätzlech Handhab an eis Gesetzgebung, also an eise Code pénal géifen aschreiwen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5907. Dir fannt den Text am Document parlementaire 5907⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreicht.

De Projet de loi 5907 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, bei 4 Abstentiounen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5907 est adopté par 56 voix pour et 4 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Christine Doerner), Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Norbert Haupt), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner

et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner (par Mme Anne Brasseur);

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel? Wëllt nach ee virdu seng Abstentioun begrënnen? Neen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zum Projet de loi 5156A souwéi zur Proposition de loi 4839 iwwert den Droit des victimes d'infractions pénales. Et hu sech ageschriwwen: d'Madame Doerner, d'Madame Flesch, den Här Henckes an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den hono-rabelen Här Laurent Mosar. Duerno kënn den Auteur vun der Proposition de loi, den Här Alex Bodry.

5.

5156A - Projet de loi renforçant le droit des victimes d'infractions pénales et portant modification

- du Code d'instruction criminelle;

- du Code pénal;

- de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse;

- de la loi modifiée du 16 juillet 1986 relative à certains modes d'exécution des peines privatives de liberté;

- de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse

4839 - Proposition de loi renforçant les droits des victimes d'infractions portant modification

- du Code d'instruction criminelle;

- du Code pénal;

- de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse, et

- de la loi du 24 juillet 2001 arrêtant un programme plurian-nuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire

Rapport de la Commission juridique sur le projet de loi N°5156A

]]]] M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, «dans la plupart des cultures on est coupable d'être une victime». Dëst Zitat vum Boris Cyrulnik aus dem Courrier vum der UNESCO vum November 2001 beschreift eigentlech op eng androcksvoll Manéier d'Astellung vun der Gesellschaft vis-à-vis vun den Affer.

Et ass dann och d'politesch Volontéit, fir genau géint déi Astellung virzegoen, déi d'Affer culpabiliséiert anstatt ze encadréieren, déi zu der Kaderdécisioun vun 2001 vun der EU-Kommissioun an zu enger Rei vun Affer-

schutzgesetzgebungen an eisen Nopesch-länner gefouert huet. Och hei zu Lëtzebuerg huet et laang gedauert, ier et zu engem Pro-jet de loi komm ass, deen a sech eigentlech zrëckgeet op d'Regierungserklärung vun der viregter Regierung vum August 1999.

No där Regierungserklärung ass eigentlech net vill geschitt, bis dann eise Kolleeg Alex Bodry am Joer 2001 seng Gesetzesproposi-tioun deponéiert huet, an de Statsminister a senger Erklärung zur Lag vun der Natioun vun 2001 e Gesetzesprojet an Aussiicht ge-stallt huet, deen dann och 2003 deponéiert ginn ass. Haut, zéng Joer no där éischter Regierungserklärung a sechs Joer nodeem de Projet de loi deponéiert ginn ass, hunn ech dann elo de Plëséier, lech mäi Rapport zu deem Projet de loi ze maachen.

Ech wëll dann aleedend zwou allgemeng Observatiounen maachen, ier ech zum Projet selwer kommen. Éischstens, als Rapporteur fannen ech et net normal, datt e Projet de loi sech sechs Joer an der parlamentarescher Prozedur befënnt, ier en da schlussendlech zur Diskussioun an zur Ofstëmmung an de Plenum kënn. Sécherlech gëtt et eng Rei vu plausiblen Erklärungen, firwat et bis haut gedauert huet, ier dës wichtege Gesell-schaftsprojert endlech zur Diskussioun kënn.

Eng vun deenen Erklärungen ass sécher-lech déi gewiescht, datt besonnesch de Statsrot Problemer mat dem Volet Zeie-schutz hat. Duerfir kann ech allerdéngs net novollzéien, datt, nodeem d'Regierung dé-cidéiert hat, dës Volet aus dem Projet erauszehuelen, et dann nach méi wéi dräi Joer gedauert huet, ier de Statsrot schluss-endlech säin Avis zu dësem ofgespecktene Projet ginn huet. Duerch dës fir mech onak-zeptabel Retarden um Niveau vun der par-lamentarescher Aarbecht konnten an deene leschte Jore vill Affer vun deem fir si eminent wichtege Gesetz leider net profitéieren.

Zweet Observatioun, Här President: Dës Projet de loi ass och a senger ofgespeckter Versioun nach op vill Widdersproch an Oppositioun, net nëmme beim Statsrot, mä och um Niveau vun der Magistratur ge-stouss. Och wann eng ganz Rei vu Kritiken, déi souwuel aus de Kreesser vun der Ma-gistratur wéi vum Statsrot virbruecht gi sinn, sécherlech berechtigt sinn, esou huet een dach d'Impressioun, datt dës Projet ei-gentlech a grouse Kreesser vun der Ma-gistratur zumindest net gewënscht ass. Dëst bedauern ech, well et jo eigentlech an dësem Projet nëmmen drëm geet, dem Affer eng Rei vu Rechter zouzestoen, déi bis elo dem Täter virbehale sinn, ausser d'Affer huet sech da Partie civile consti-tuéiert.

Ech wëll och heizou an Erënnungen ruffen, datt et an eisen direkten Nopeschlänner schonn zënter enger Rei vu Joren en Affer-schutzgesetz gëtt, esou datt mir an dësem Beräich relativ hannendrun hänken. Et ass och fir déi zoustänneg Kommissioun a fir mech besonnesch wichteg gewiescht, datt mat dësem Gesetz an Zukunft all Affer e re-gelrechte Statut kritt, wat jo ee vun deene Punkte war, dee staark contestéiert ginn ass an deene virgenannten Avisen.

Heibäi geet et virun allem ëm eng mora-lesch Unerkennung vum Affer, dat bis elo oft d'Gefill hat, datt dem Täter seng Rechter besser geschützt wiere wéi seng eegen. An ech wëll hei den Auteur Michel Reinette zi-téieren, dee gesot huet: «Quand on est vic-time, on a toujours l'impression d'être cou-pable.» Dëst Zitat beschreift op eng einfach awer andrénglech Aart a Weis, wéi ganz vill Affer sech no enger Strofdot, déi un hinne begaange ginn ass, fillen.

Mir haten an der zoustänneger Kommis-sioun eng Entrevue mat deene concernéier-ten Associatiounen an hire Vertrieeder, an déi hunn eis nach eng kéier bestätegt, wéi wichteg esou eng moralesch Unerkennung fir d'Affer ass. Unerkennung, déi him er-laabt, dat Verbrichen a seng Konsequenze fir seng Persoun besser ze verschaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech elo zum Projet selwer kommen, erlaabt mer awer nach ganz schnell e puer Mercië lasszeginn. Fir d'Alleréischt natierlech un d'Kolleginnen a Kollegen aus der zoustänneger Justizkommissioun, déi op eng äusserst konstruktiv Aart a Weis un dësem Projet matdiskutéiert a geschafft hunn, awer och ganz besonnesch un den Auteur vun der Gesetzespropositioun, de Kolleeg Alex Bodry. Derniewent wëll ech awer och de Sekretär vun eiser Kommissioun net ver-giessen, de Laurent Besch, deen zesumme mat der Mataarbechterin vun der CSV-Frak-tioun, der Madame Rangan, eng formidabel Aarbecht geleescht huet. An de Merci wëll ech natierlech och d'Mataarbechterinne vum Justizministère mat aschleissen.

Wat fir mech awer déi gréisste Satisfaktioun ass bei dësem Projet, ass, datt e wahr-

scheinlech herno wäert eestëmmeg vun dë-sem Haus gestëmmt ginn, an dat trotz dee-nen deelweis äusserst kriteschen Avisen, vun deenen ech virdu geschwat hunn. Ech wëll mech a mengen Ausféierungen op déi wesentlech Punkte vun dësem Projet be-schränken. Fir den Detail verweisen ech wéi ëmmer op mäi schrëftleche Rapport.

Ufänke wëll ech, andeem ech nach eng kéier drun erënneren, datt nom Avis vum Statsrot d'Kommissioun décidéiert huet, de Projet de loi nach eng kéier an zwee ze splécken: deen éischten Deel, dee mer haut diskutéieren, de Volet Afferschutz, an dann deen zweeten Deel iwwert den Zeieschutz, deen an engem separate Projet an der nächster Legislaturperiod wäert diskutéiert an dann och hoffentlech gestëmmt wäert ginn.

Wa mer eis an der zoustänneger Kommis-sioun fir dës Schrëtt entscheed hunn, ass dat haauptsächlech aus der Iwwerleung eraus gewiescht, um jidde Fall dee fir eis wichtigste Volet vum Projet, nämlech den Afferschutz, nach an dëser Legislaturperiod gestëmmt ze kréien. Wa mer net esou ver-fuer wieren, hätte mer iwwerhaapt kee Pro-jet de loi méi gestëmmt, well ganz beson-nesch am Volet Zeieschutz de Statsrot eng ganz Rei vu formellen Oppositiounen soule-véiert hat, iwwert déi mer eis net esou ein-fach hätte kënnen ewechsetzen.

Ech wëll dann och nach eng kéier ënner-sträichen, datt op enger Rei vun Disposi-tiounen, an ech mengen, datt ech och do am Numm vun alle Kollegen aus der Kom-missioon schwätzen, mer léiwer e Schrëtt méi wäit gaange wieren, wéi dat an der Endversioun elo de Fall ass. Allerdéngs hätt dat da bedeit, datt mer dës Projet net méi, oder zumindest net definitiv méi hätte kë-nnen an dëser Legislaturperiod stëmmen. Mä well awer esou vill positiv Elementer am In-teressi vun den Affer sech am Projet erm-fannen, ware mer eis eigentlech alleguerten eens, fir e bësselche Waasser an eise Wäin ze schëdden, an ech muss och agestoen, datt de Projet insgesamt doduerch sécher-lech net méi schlecht, mä au contraire vläicht och méi kohärent ginn ass.

Déi zwee wesentlech Punkten, wou mer déi heftegst Ausenanersetzungen mam Statsrot haten, sinn op där enger Säit de Statut vum Affer, an dann d'Méiglechkeet, e Recours géint Klassementsdécisiounen vum Parquet anzeleeën. Ech hunn et aleedend scho ge-sot gehat, mir hunn am Projet de Statut vum Affer zrëckbehalen a mir hunn eis a sech heifir net op de Regierungstext, mä op déi belsch Législatioun, déi sougenannten „loi Franchimont“ baséiert, déi schonn 1998 an der Belsch agefouert ginn ass an déi ei-gentlech dozou geféiert huet, datt d'Procé-dure pénale souwuel um Niveau vun der In-formation wéi der Instruktioun wesentlech verbessert ginn ass.

Mat dësem Gesetz gëtt also de Statut vum Affer consacréiert, dat heescht, datt d'Affer als solches unerkannt gëtt. Domat ginn na-tierlech dann automatesch d'Konsequenze vun enger Infraktioun op d'physesch a psy-schesch Gesondheet vum Affer och uner-kannt. De Statut vum Affer unerkennen, heescht awer och, d'Affer an de Mëttelpunkt vun enger Prise en charge stellen, op déi et e Recht huet. E Recht, dat op där enger Säit dorop erausleeft, datt et a senger Affär ge-heiert gëtt a gläichzäiteg informéiert gëtt iw-wert déi Suiten, déi de Parquet senger Plainte wäert ginn.

An Zukunft wäert et also esou sinn, datt all Mënsch, deen iergendwéi e Schued erlid-den huet duerch eng Strofdot, den Affersta-tut accordéiert kritt. Et geet duer, wann d'Af-fer eng Plainte an deem Sënn déposéiert. Dës Plainte ka vum Affer selwer oder vu sengem Affekot gemaach ginn.

Ech wëll och heizou ënnersträichen, datt mer duerch déi Unerkennung vum Statut eis och der europäescher Législatioun elo upassen, déi jo scho säit enger Rei vu Jo-ren déi doten Evolutioun anticipéiert huet, dat och ënnert dem Drock vun deene villen Associatiounen, déi sech d'Verdeedegung vun de Rechter vun den Affer op de Fändel geschriwwen hunn.

Wat sinn elo déi Rechter, déi an Zukunft am Gesetz verankert ginn?

Fir d'éischt huet d'Affer d'Recht fir iwwer-haapt emol gewuer ze ginn, wat mat senger Plainte geschitt, wat bis elo jo net de Fall war, ausser d'Affer huet sech Partie civile constituéiert. An deem Kontext ass awer déi gréissten Neierung déi, datt an Zukunft d'Klassementsdécisioun muss motivéiert ginn an och d'Affer heiriwwer muss infor-méiert ginn. Ech sinn iwwerzeegt, datt dëst e wesentleche Fortschritt am Interessi vun der Verdeedegung vun de Rechter vun den Affer ass, well bis elo jo dës Affer weder gewuer gi sinn, wat mat hirer Plainte geschitt ass, nach iwwert d'Motiver vun enger Klas-sementsdécisioun ënnerriicht gi sinn.

Mir haten eng länger Diskussioun heiriwwer an der Kommissioun, mä mir waren eis ei-gentlech alleguerten eens, datt déi Déci-siounen e Minimum vu Motivatioun missten hunn, och wann dat sécherlech mat zousätzlecher Aarbecht fir de Parquet wäert verbonne sinn. Fir mech ass awer d'Obliga-tioun, fir an Zukunft d'Klassementsdécisiou-nen ze motivéieren, ee vun den Häerz-stécker vun dësem Projet. Doriwwer eraus wollte mer eng Rekursméiglechkeet géint déi Klassementsdécisioun vum Affer virge-sinn. Allerdéngs huet op dësem Punkt de Statsrot seng formell Oppositioun net zrëck-gezunn, esou datt, wa mer bei eisem ur-sprünglechen Text bliwwen wieren, et net méi zu engem definitive Vote an dëser Legisla-turperiod komm wier, wéi ech och scho vir-du gesot hunn.

Mir hunn eis also dofir entscheed, fir déi Kompromisspropositioun vum Statsrot un-zehuelen, déi dann elo virgesäit, datt d'Affer kann am Fall vun engem Klassement vu senger Affär sech un de Procureur général wenden, fir datt dee selwer de Procureur uweist, op d'Klassementsdécisioun le cas échéant zrëckzekommen an d'Affär virunze-féieren. Dëst ass also eng Zort vu Recours gracieux, déi d'Affer an Zukunft wäert géint déi Klassementsdécisiounen hunn.

Dëst ass sécherlech net dat, wat mer eis ei-gentlech alleguerte virgestallt haten. Nach ass et awer eng wesentlech Verbesserung par rapport zu der aktueller Situatioun. Ech wëll heizou allerdéngs betounen, datt elo schonn de Code d'instruction criminelle d'Méiglechkeet virgesäit, datt en Affer, iw-wert de Wee vun enger Citation directe, ka säin Täter virum Strofgericht belangen, an un där Prozedur gëtt jo och duerch dëst Ge-setz a sech näischt geännert.

Dës Punkt ass wahrscheinlech deen ëm-striddenste vum Projet de loi gewiescht, an ech kann lech versécheren, Här President, datt mer eis et an der Kommissioun net ein-fach gemaach hunn. Fir eis ass et absolut virranged gewiescht, fir nach onbedéngt en definitiivt Gesetz virum Enn vun dëser Le-gislaturperiod ze stëmmen, an duerfir si mer dann och schlussendlech mat der Textpro-positioun vum Statsrot averstane gewiescht.

Derniewent gesäit de Projet dann och vir, datt d'Affer an Zukunft d'Recht huet, ver-schidden Dokumenter iwwermëttelt ze kréien, an hei natierlech an éischter Linn d'Kopie vu senger Plainte. Och op dësem Punkt hate mer länger Diskussiounen, man-ner iwwert de Prinzip, wéi iwwert d'Ausféie-rungsbestëmmungen, well mer an der Kom-missioon eigentlech der Meinung waren, d'Affer misst den Dag selwer, wou et seng Plainte formuléiert huet, och heivunner eng Kopie kréien.

Ganz besonnesch de Parquet hat awer Be-denken, well en der Meinung ass, datt dëst a verschiddene Situatiounen schwierig wier, ganz besonnesch, wann déi Plainte net um Parquet oder um Policebüro selwer ge-maach gëtt, mä zum Beispill direkt op der Plaz, wou d'Strofdot passéiert ass. Fir dës Bedenke Rechnung ze droen, hu mer dann awer d'Méiglechkeet vun enger Deroga-tioun virgesinn, awer nëmmen dann, wann déi materiell Situatioun et net erlaabt, kann de Parquet och d'Kopie vun der Plainte eréischt e puer Deeg méi spéit un d'Affer verschécken.

Niewent dem Recht, direkt eng Kopie vu senger Plainte ze kréien, muss och an Zu-kunft d'Affer direkt iwwer seng Rechter an d'Méiglechkeeten, déi et huet, vun deenen zoustänneg Servicier, souwuel um Niveau vun der Police wéi vum Parquet, informéiert ginn. D'Affer huet d'Méiglechkeet, sech di-rekt eng Assistance judiciaire unzefroen, an et huet, wann et kenger vun deenen zu Lët-zebuerg geschwatene Sprooch mächtge ass, och d'Recht op en Interpret.

All dës Rechter schénge mer komplett an der Logik vum Afferschutz ze leien, wann ee weess, datt elo schonn am Kader vum Code d'instruction criminelle den Täter genau déi dote Rechter huet. Och bei dëser Neierung sinn ech mer bewosst, datt do vill an zousätzlech Aarbecht, besonnesch op eis Policebeamten, wäert zoukommen. Ech géif dofir en Appel un de Justizminister riichten, fir esou schnell wéi méiglech nom Akraaft-riede vum Gesetz déi néideg Schrëtt ze ën-nerhuelen, fir d'Formatioun vun deene Poli-zisten ze verbessern, déi an Zukunft